Jonglënster, de 30. Juli 2025

# 21. Reunioun – Rapport

**29. Juli 2025 – Jugendhaus**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |
| | | | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d'Presidence un d'Membere vun der Kommissioun.

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapport vun der 20. Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) Update – Gamechangers

- Den INAPS huet ugebueden an d'Gemengen ze kommen an hei Formatioune fir d'Veräiner ze maachen. Als Kommissioun hu mir entscheet dëst zesumme mat hinnen unzegoen.
- Als méiglech potenziell Datumer sinn de 17 & 25 November an den 3 Dezember a Fro komm. Dëst muss awer alles nach gekläert ginn an ass nach net confirméiert.

## 5) Update – Seefekëschterennen

- Mir wäerten eng Ramp vum Garage Collé den Dag selwer zu Verfügung hunn
- Fir den Arc fir d'Arrivée, hu mir nach näischt Neies héiere vun Déifferdeng
- Den Agent Municipal vun der Gemeng war och op der Plaz fir sech alles unzekucken, esou ass och fir d'Elektresch alles gekläert
- D'Präsidentin ass mat de verschiddene Servicer vun der Gemeng a Kontakt a kuckt wat mir alles vun hinne brauchen
- Et muss nogefrot ginn fir ee Soundsysteme mat 3 Statiounen a mat 2 Mikroen
- Et mussen och erëm Walkie Talkie wéi d'lescht Joer organiséiert ginn
- De Chronometer kréie mir vun der Gemeng Bissen, dësen ass mat Sensor. D'Gemeng mëscht eng Konventioun mat eiser Gemeng.
- D'Sécherheetsdélégueiert vun der Gemeng mëscht erëm de Contrôle technique.
- D'Botte musse beim Bauer bestallt ginn. Zudeem kënne mir eventuell puer Botten als Sëtzméiglechkeet virgesinn.
- D'Clôture wäerten déi ganz Streck hannert d'Botte gesat ginn.
- De Start ass um 13 Auer an um 16 Auer ass d'Präisiwwereechung
- D'Presidentin këmmert sech em d'Sponsore fir d'Präisser, ënnert anerem de Rischette an de Pizzaguy. Jiddereen dee mat mëscht kritt eng Médaille.
- Bei der Gemeng musse mir och fir ee Fonds de caisse nofroen.
- 1 Präis mat Sponsoren, 2 & 3 kréien eng Coupe; 1x Bong Globus

## 6) Logo

- An der leschter Versammlung hate mir mir positive Feedback krut, opgrond vun eisem Virschlag. De Logo ass elo fäerdeg a gefält eis ganz gutt.
- Mir hu beschwat entweder Tshirts oder Poloen ze maachen dëst fir alleguerten eis verschidden Eventer, respektive Vertriedungen.
- Hei ginn et och schonn éischt Virschléi vu verschiddene Memberen.

## 7) Oppen Diskussiounen

- Kannergemengerot
    - Hei huet de Sekretär een Update aus Mini-Lënster gemaach, an den Iwwergang fir den Hierscht erkläert.

- Workshop Laserschwert
    - Dësen ass elo fest de 15. November 2025 a wäert vun 12 – 18 Auer am Spigelsall „Op Fréinen“ stattfannen.
    - De Service Communication huet da Presidentin zougesot, fir ee Flyer ze zesummen zemaachen.
    - Vill Leit wëlle gäre mat maachen, wann et gutt klappt kann een dat méi oft maachen
    - Et kascht 30 € pro Persoun, 25 € ginn un eng Associatioun an Däitschland, 5 € si fir déi lafend Käschten

- Pumptrack
    - Et ass ee kuerze Recap iwwert d’Aweiung vum Pumptrack gemaach ginn.
    - Mir hu beschwat dass eng Bänk hei net verkéiert wier.

- Pétanquesite CIPA
    - Dës ass a kengem gudden Zoustand, a gesäit net gutt aus
    - Zudeem gëtt et keen Iwwerdaach an et ass just eng Bänk do
    - Eventuell kënne mir dëst mat der Ëmweltkommissioun kucken, fir hei Schied ze schafen

- Spillplaz An der Diert
    - Dës Spillplaz steet Aussoen no relativ oft ënnert Waasser a kann net benotzt ginn. Mir ginn dëst dem Schäfferot weider.

## 8) Nächst Datumer

| **Datum** | **Auerzäit** | **Plaz** | **Beschreiwung** |
|---|---|---|---|
| 11.09.2025 | 19:00 | Buvette Op Fréinen | 22. Reunioun |
| 20.09.2025 | 09:00 | Lënster | Seefekëschterennen |

## 9) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | / |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär